



**Äntwert vum Verdedegungsminister op d'parlamentaresch Fro n° 8130 vum 5. Juli 2023 vum honorablen Deputéierte Marc Goergen.**

Den Artikel 12 vum Statut vum fräiwëllegen Zaldot gesäit vir dass « *Les volontaires sont tenus, sauf dispense de l'autorité militaire, à prendre logement à la caserne ou au camp militaire auquel ils sont affectés.* » No hirer Vereedegung kréien d'Zaldoten eng Dispens. Dës Dispens gëtt am Fall vun der Virbereedung op Nationalfeierdag fir 24 Stonnen opgehewen.

Et ass Traditioun dass d'Zaldoten um Virowend vu Nationalfeierdag an d'Kasär geruff gi fir do ze schlofen a sech esou de nächste Moie beschtméiglechst op d'Militärparad vu Nationalfeierdag virzubereeden an eng optimal Organisatioun vun der Arméi hire Bedeelegung un de Festivitéiten ze garantéieren.

D'Differenz mat de Karriärsmilitär ergëtt sech doduerch dass d'Arméi fir gewëssen Evenementer (Nationalfeierdag, Depart fréi Moies an e groussen Exercice oder eng Missioun am Kader OMP; dëst kënnt an der Moyenne ee bis zwee Mol pro Joer vir), d'Zaldote méi enk encadréiert fir e beschtméiglechen organisatoreschen Oflaf ze garantéieren. Am Fall vun de Kaderen, also de Karriärsmilitär, déi de Statut vum Staatsbeamten hunn, ass en méi enken Encadrement net ubruecht.

Den Aarbechtsregimm an d'Kompensatiounen, déi sech och fir d'Militärparad op Nationalfeierdag applizéieren, sinn am *Accord relatif au temps de travail et de repos dans l'armée* vum 12. Juli 2019 festgehalen.

Wéinst aussergewéinlechen Déngschtconditiounen, wéi am Fall vu Nationalfeierdag z.B., kréien d'Zaldoten, wéi d'Karriärsmilitären 8 zousätzlech Deeg Congé pro Joer. Dëst ass onofhängeg dovunner ob se bei engem speziellen Evenement engagéiert waren oder net.

Bis op de Fall vu 4 Zaldoten, gouf den *Temps minimal de repos* tëscht zwee Schaffdeeg agehalen. Fir sämtlech Leit, déi un der Parade deel geholl hunn, gouf d'maximal Aarbechtszäit agehalen.

Lëtzebuerg, den 28. Juli 2023

(s.) François Bausch  
Verdedegungsminister